

## Am Kader vun der Initiativ



Lancéiert den SNJ den CONCOURS:

### “ Discover your area - Een digitale Rallye dobaussen!”

Fir déi Jugendlech ze motivéieren, dobaussen aktiv ze ginn an hir Ëmgéigend op eng nei Manéier kennenzeléieren, wëlle mir iech, léif Jugendarbechter/innen, invitéieren, zesumme mat engem Grupp vu Jonken, bei eisem Concours matzemaachen an hinnen sou eng flott Offer fir d'Ouschtervakanz unzebidden. Dofir braucht dir nëmmen d'App Actionbound op äre Smartphone oder Tablet erfzelueden. Do kritt dir da ganz ënnerschiddlech Aufgabe gestallt, déi déi Jonk dobaussen ëmsetze sollen. Si kënnen sou mat alle Sënner hir Ëmgéigend nei entdecken a ginn och nach ganz niewebäi fir verschidden Themen wéi z.B. Nohaltegkeet sensibiliséiert.

De Concours geet **vum 29.03.2021 bis den 18.04.2021**. All Grupp vu Jonken aus Jugendhaiser oder Jugendservicer ka matmaachen. Ze gewanne gëtt et 1 Dag mat 2 Aktivitéiten au Choix am [Centre SNJ Lëlz](#) (Kajak fueren, Stand-Up-Paddling etc.) an 1 Dag mat 2 Aktivitéiten au Choix am [Centre SNJ Mariendall](#) (Bou schéissen, Kloterpark etc.). Ënnert all de Participanten, déi all d'Froe beäntwert an all Aufgab erfëllt hunn, ginn den 22.04.21 um 15 Auer um Facebook- an Insta-Kanal vum SNJ 2 Gewënner ausgeloust.

*Vill Spaass beim Spillen ! 😊*

zum Bound →

